



Mir maachen natierlech als Chamberskommission keng Pressekonferenzen. Ech hoffen, dass déi Aarbecht awer no bausse kënn an och bei den ONGen ukënn, well mir hu jo eis Procès-verbaux vun de Kommissiounssätzungen, déi um Internet accessibel sinn, an eise Service „Relations publiques“ hält jo och un deene Sätzungen deel a mécht e Résumé um Internetsite. Ech mengen, do kann een noliessen, wat mer do wierklech och fir interessant Diskussiounen haben.

Niewent deenen Aarbechten an Entrevueën... an iwwregens, Madame Minister, Busan, wat Der do virun dem Forum an duerno... all déi Saachen hu mer diskutéiert. Niewent deenen Aarbechten an Entrevueë beschäftege mer eis och vill mat deenen europäeschen Texter, déi vu Bréssel kommen. Dir wësst, mir hunn zwee Kommissären, zwou Direktiounen do, déi ganz aktiv sinn an déi och vill Iwwerleeunge maachen, an do ass et och wichteg, dass mer déi analyséieren.

An duerfir wollt ech awer dem Cercle des ONG och Merci soen, dass se eis dat äusserst wäertvollt Dokument hei geschéckt hunn: „Plains feux sur la cohérence des politiques au service du développement“. Dat kënn nämlech vun hirer Mammenorganisatioun, vu Concorde, dat ass den Dagverband vun all den ONGen. An ech mengen, dat ass och en immens interessant Dokument, mat deem mer schaffe kënnen, wa mer déi europäesch Texter do ugin.

Dir hutt, Madame Minister, gesot, dass mer d'nächst Joer am Rapport - ech hunn dat gelies am Barometer vun den ONGen hirem Rapport an Ärer Préface -, dass mer d'nächst Joer dann och, wéi dat am Gesetz steet, am Artikel 6, niewent dem Rapport iwwert d'Kooperationspolitik, och eng flott Analys kréien iwwert de Comité interministériel, also iwwert d'Cohérence des politiques zu Lëtzebuerg. Doriwwer wäerte mer eis freeën. Et ass elo scho vill Informatioun um Internet ze liesen. Ech hoffen, dass duerch dat neit Gesetz an duerch déi zwee Artikelen do déi Aarbecht nach intensivéiert gëtt an dass mer do nach eng richtig Analys, eng kritesch Analys kënnen iwwert d'Cohérence des politiques och an Ärem Rapport fannen.

Ech hunn déi europäesch Texter ugeschwat, déi mer diskutéiert hunn, an ech wollt do op zwee Texter agoen. Dat war een, deen heescht: „Commerce, croissance et développement. Ajuster la politique commerciale et d'investissement aux pays qui ont le plus besoin d'aide“. Et geet an deem Dokument doriwwer, dass de Wuesstum duerch Handel en zentrale Bestanddeel vun enger zäitgeméisser EU-Entwicklungsagenda ass. An d'EU-Kommissioun seet do, dass Handels- an Entwicklungsinstrumenter esou matenee verzahnt musse ginn, dass et weltwäit zu enger Diminutioun vun der Aarmut kënn. D'Handelskapacitëte vun den Entwicklungslänner solle gestärkt ginn, esou soll den Handel zu engem feste Bestanddeel gi vun der Entwicklungspolitik.

An duerfir wëllt d'Europäesch Unioun - an dat ass ee Punkt, deen ech an där Kommunikatioun gutt fonnt hunn, anerer si méi kritesch ze gesinn -, wat do gutt war, dass d'EU wëllt an deem Kontext besser differenzéieren tëschent eenzelnen Entwicklungslänner, fir sécherzestellen, dass si deenen Äermsten am meeschten hëllef. Interessant an dëser Kommunikatioun ass net nëmme d'Diskussioun vun Zollsätz an d'Öffnung vun de Mäert - dorobber wëll ech elo net agoen, do mengen ech, dat sinn Themen, wou mer nach an Zukunft musse ganz kritesch driwwer diskutéieren -, si soen, an dat ass e bëssen... do muss een oppassen, si soen, dass mer niewent deenen net-tarifären Themen déi aner Theme mussen uschwätzen, wéi d'Norme vun de Produkter, d'Rechter, d'Propriété intellectuelle an esou weider an esou fort, d'Qualitéit vun de Produiten.

An do muss een awer oppassen, an do si mir als LSAP der Meinung, dass ee muss de Länner d'Souveränitéit loossen, ze decidéieren, wéi eng Form vun Agrikultur se wëllen, an dass ee muss ëmmer bedenken, dass mer grad an deem Domän déi kleng Bauere musse schützen, net dass déi do leiden ënnert deene groussen, risege Baueren...

► **Une voix.** - Konzerner.

► **M. Marc Angel (LSAP).** - Konzerner. Voilà, Merci fir d'Wuert, fir d'Hëllef. Dat ass also en Thema, mengen ech, wou mer eis mussen domadder beschäftegen, well d'EU ass wierklech op enger Säit e Virreider och an der Handelsënnerstëtzung fir d'Entwicklungslänner. Mir importéiere méi Gidder aus Entwicklungslänner wéi all aner Mäert. 70% vun all den Agrarimporter an der EU stamen aus Entwicklungslänner.

Duerfir nach eng kéier den Appel, d'Landwirtschaft an der Politique de coopération net ze vernoléisegen, net nëmme, wat mat der Bekämpfung vum Hunger ze dinn huet, mä och d'Entwicklung vum Handel. Mä, wéi ge-

sot, mat deem Gedanken am Hannerkapp, dass mer mussen oppassen, dass d'Länner souverän bleiwe bei der Bestëmmung vun hirer Politik an déi kleng Bauere schützen.

D'EU-Kommissioun huet och e ganz interessant Dokument den 20. August virgestallt - an de Marcel Oberweis wäert dat d'nächst Woch an der Kommissioun resuméieren, mä ech wollt et ervirsträchen -, do geet et ëm d'Protection sociale dans la coopération au développement de l'Union européenne.

Also de Sozialschutz vu Mënschen ass bei eis eng Selbstverständlechkeet, a mir vun der LSAP-Fraktioun, mir sinn och iwwerzeegt, dass d'Protection sociale an den Entwicklungslänner, grad och wéi bei eis, ka bei der Minderung vun Aarmut a Vulnérabilitéit eng entscheidend Roll spillen. Duerch méi sozial Gerechtegkeet, zum Beispill duerch Transferts sociaux an e beseren Accès zu grondleeënde Sozialdengschter, an duerch de Schutz vum Risiko kann d'Protection sociale Aarmutsminderung bréngen. An ech mengen, dat ass och en Thema, wou mer eis mussen domadder beschäftegen.

Eng drëtt - ech muss elo méi séier schwätzen, well soss ginn ech net fäerdeg - ass eng iwwert d'Budgetshëllef, eng Kommunikatioun „La future approche de l'appui budgétaire“ vun der Unioun „en faveur des pays tiers“. Dat ass, mengen ech, eppes Wichteges an do gëtt gesot, dass bei der Budgetshëllef natierlech de politeschen Dialog ganz wichteg ass tëschent der EU an de Partnerlänner, d'Evaluatioun vun de Performancen an de Kader vun de Capacités. An do gëtt dann eng Vertragspartnerschaft virgestallt, wou kann e Contrat de bonne gouvernance et de développement ofgeschloss gi mat Länner, a wou gekuckt gëtt, ob déi Länner d'Engagementer vun de Grondrechter anhalen, d'bonne Gouvernance an esou weider. Wann dat net de Fall ass, da kann een och sektoriell Partnerschaften ofschléissen, a fir déi ganz fragile State gëtt ee Contrat relatif à la construction de l'État virgesinn. Ech mengen, dat sinn och nach... wär et interessant ze wëssen, wéi mir als Lëtzebuerg zu där Kommunikatioun stinn a wéi mir eis do positionéiere wäerten.

Dann, well ech bei der Aide budgétaire war, ganz kuerz zum Cap-Vert. Ech mengen, dat ass e wichtegt Partnerland vun eis; mir hu virdru scho vill driwwer geschwat. Mir maachen zwee nei Accords bilatéraux, dee vun der Aide budgétaire sectorielle an dee vun der Kooperatioun vun de Services aéronautiques. Wat interessant ass, ech mengen, mir maachen do Aide budgétaire an ech hunn elo grad gesot, wann een Aide budgétaire mécht, muss dat Land fest Institutionen hunn, eng bonne Gouvernance hunn.

Ech mengen, eleng de Fall, dass dëst Joer am Cap-Vert Wahle waren an e President ass vun enger anerer Couleur politique wéi d'Regierung, dat ass déi éischt Cohabitioun, dat funktionéiert. Mir haten e puermol an deene leschten 20 Joer do demokratesch Wiesselen. Dat sinn d'Voraussetzungen, fir dass ee mat engem Land esou eng Partnerschaft kann agoen. An ech wär frou, wa mir do an deem Feld géife Konkusiounen aus eiser Zesummenaarbecht mat der Aide budgétaire maachen an do och weider goen.

Dann hunn ech um Site vum Cercle des ONG gelies, den Aid Transparency Index, do gëtt gesot, mir sinn als Lëtzeburger Top 3, wat d'Quantitéit vun der APD ugeet, an ech zitéieren: «Le Luxembourg figure parmi les donateurs „faibles“ en ce qui concerne la transparence (40^e place parmi 72), principalement parce que le Luxembourg n'a pas signé la convention internationale IATI (International Aid Transparency Initiative) et n'a pas signé de „freedom of information act“».

Do wollt ech froen: Signéiere mer dat nach? Wéi hutt Dir mat Äre Mataarbechter dee Rapport do och gekuckt? Da kënnen mer vläicht eng kéier an der Kommissioun dorop agoen.

D'ONGen hunn eis net nëmme iwwert de Barometer vun der Cohérence des politiques geschwat, mä och iwwert d'Éducation au développement. Ech mengen, do si Problemer mam Budget. Ech mengen, do wäerte mer och schonn eng Solutioun fannen. Ech wollt awer drun erënneren, dass d'Éducationnsministesch virun zwee Deeg virgestallt huet, dass d'Éducation au développement durable - wat jo och Bestanddeel ass vun deem, wat d'ONGen hei gefuerdert hunn -, dass dat elo feste Bestanddeel gëtt vun eise Schoulprogrammer. Ech mengen, dat ass eng wichteg Saach. Domadder ass jo och schonn een Deel vun deem Budget opgedeckt (veuillez lire: ofgedeckt). Dat muss een do am Hannerkapp behalen.

Ech wollt ofschléissen, Här President, mat enger ganz perséinlecher Remarque, engem Thema, wat menger Meinung no net genuch an der internationaler Politik an och besonnesch vun den ONGen - an ech mengen, dat wäert wahr-

scheinlech seng Ursachen hunn - ugeschwat gëtt, dat ass dat vun der Iwwerbevolkerung vun onsem Planéit.

D'Mënscheheet ass säit 2011 op siwe Milliarde Mënschen ugewuess. Déi natierlech Ressourcen, vun deenen d'mënschlecht Liewen natierlech ofhänkt, stinn dergéint awer nëmme begrenzt zur Verfügung. Dat wësse mer all. D'Séisswaasser, Akerland, Bëscher ginn ëmmer méi opgebraucht an och ëmmer méi iwwerbenotzt, well ëmmer méi Mënsche versuerge mussen ginn.

Mat dëser Problematik, mengen ech, mussen mer eis an Zukunft vill méi ausenanersetzen, an ech wär frou, wann dat eent vun den Theme kéint ginn d'nächst Joer op den Assisen. Ech weess, dass mer als Lëtzeburger Kooperatioun och deelweis iwwert de Secteur Santé a Santé maternelle do aktiv sinn, an där och transversaler Dimensioun, déi mer hunn, iwwert de Genre. Do maache mer och Aarbecht, wat Fraen ubelaangt, Informatioun an esou weider.

Mä ech wëll drun erënneren, dass een Drëttel - een Drëttel! - vum weltwäite Bevölkerungszuwachs op ongewollte Schwangerschaften berout. All Joer ginn an den Entwicklungslänner 75 Milliounen Fraen ongewollt schwanger, virun allem well hinnen den Zougang zur Opklärung an den Zougang zur Verhütung feelen, an nëmme wa mer wëllen dat rasant Wuesse vun der Weltbevölkerung op der Welt an och besonnesch an den Entwicklungslänner reduzéieren, da kënnen mer déi global Erausforderunge vu Ressourcésicherung a Klimawandel och an de Grëff kréien. Wa mer dee Bevölkerungswachstum net an de Grëff kréien, kënnen mer all déi aner Saachen net an de Grëff kréien.

Duerfir, mengen ech, ass dat e wichtegt Thema, an ech wär frou, wa mer dat vläicht - et ass eng Propos vu mir a vun der LSAP - d'nächst Joer am Detail op den Assisë kéinten diskutéieren.

Ech soen lech Merci fir d'Nolauschteren, an nach eng kéier e grouse Merci fir all déi Leit, déi dagdeeglech um Terrain an der Entwicklungszesummenaarbecht tätég sinn.

Merçi.

► **Plusieurs voix.** - Très bien!

► **M. le Président.** - Merci dem Här Angel. Als nächste Riedner ass den Här Braz drun. Virdrun hat awer nach den Här Bausch d'Wuert gefrot fir den Dépôt vun enger Proposition de loi. Da kritt nach schnell den Här Bausch virum Här Braz d'Wuert.

3. Dépôt d'une proposition de loi par M. François Bausch

► **M. François Bausch (déi gréng).** - Merci, Här President, fir d'Wuert. Ech wollt am Numm vu menger Fraktioun

- *d'Proposition de loi 6486 modifiant la loi électorale du 18 février 2003 et visant à établir des directives de mise en place pour les enseignes publicitaires électorales*

déposéieren.

Merçi.

► **M. le Président.** - Sou, an elo kritt d'Wuert den Här Braz.

4. Déclaration sur la politique de coopération au développement et de l'action humanitaire de Mme Marie-Josée Jacobs, Ministre de la Coopération et de l'Action humanitaire (sui-vie d'un débat)

Débat (suite)

► **M. Félix Braz (déi gréng).** - Merci, Här President. Madame Ministerin, Dir hutt et rappéléiert, Lëtzebuerg huet 2011 ronn 1%, genee 0,97% vu sengem PIB an d'Aide publique au développement ginn. Déi gréng Fraktioun ënnerstëtzt dat. Mir ënnerstëtzen dat weiderhin a mir mengen och, dass déi Bestännegkeet, mat där Lëtzebuerg seng Aide publique au développement héich hält, net nëmme zu Éire vu Lëtzebuerg ass, mä dass et virun allem Planbarkeet erméiglecht, dass et virun allem Perspektive méiglech mécht fir déi Länner, déi d'Bénéficiaire vun där Hëllef sinn. Wat aner Länner maachen, a schwéieren Zäiten hir Aide publique zrëckzeschrauwen, ass fir déi Länner, déi déi Sue kréien, natierlech e Problem. D'Planbarkeet ass an dëser Matière e ganz héicht Gutt, an duerfir mengen ech, dass Lëtzebuerg mat senger Bestännegkeet richtegläit.

Mir bedauern dann duerfir och als Gréng, dass et an anere Länner net esou ass, dass do souguer an der Moyenne den Niveau vun der Hëllef réckleefeg ass - d'Zuele si scho genannt ginn - vun 0,44 op 0,42% an der europäescher Moyenne.

D'Fro ass, wéi een déi Efforten, déi Lëtzebuerg mécht, ka bewäerten. Ech wëll haut net op déi Aspekter agoen, déi och scho vu Kolleegen opgeworf gi sinn, notamment vum Marcel Oberweis, deen eng ganz breet Palett vu planetaresche Problemer opgeléicht huet, där sech d'Kooperatioun - net nëmme déi Lëtzeburger, mä och anerer - muss stellen.

Ech wëll dat duerfir net maachen. Ech wëll am Fong méi op d'Aart a Weis agoen, wéi mer dat zu Lëtzebuerg kënnen bewäerten, jugéieren, wat mer maachen, respektiv wéi mer dat kënnen a sollen diskutéieren.

Eng éischt Remarque virewech. D'Madame Ministesch huet dat virdru kuerz erwähnt. Ech wëll dat awer och nach eng kéier erwähnen, well ech mengen, dass dat net esou selbstverständlech ass. D'Cour des Comptes huet e Rapport gemaach iwwert d'Aart a Weis, wéi mer hei zu Lëtzebuerg mat de Suen ëmginn. An d'Cour des Comptes mécht jo eng Rei vu Rapporten, si mécht eng kritesch Aarbecht, a wann een och Member ass vun der Kommissioun vun der Exécution budgétaire, dann hat ee scho méi ewéi eng kéier d'Geleeënheet, sech déi Rapporten unzekucken.

Ech muss soen, ech hunn dee Rapport hei iwwert d'Kooperatioun mat enger gewëssener Spannung erwaart, well ech gehofft hunn, ech hu mer gewënscht, dass d'Bewäertung vun der Comexbu positiv wier. Ech hätt et ganz ongäre gesinn, wann an deem Rapport vill Negatives dra gewiescht wär, well dat hätt vläicht deem engen oder aneren, dee grondsätzlech e Problem mat der Kooperationspolitik vu Lëtzebuerg huet, kënnen Opdriff ginn.

Ech muss soen, ech si ganz frou doriwwer, dass dee Rapport vun der Cour des Comptes esou positiv ausgefall ass. Sécher sinn och do Saachen, déi bemängelt ginn. Ech mengen, et gëtt a kengem Beräich Perfektioun, och net an deem heiten.

Mä wann ee berücksichtegt, wéi grouss d'Montanté sinn, déi engagéiert sinn, wann ee berücksichtegt virun allem, wéi vill Acteuren dass et gëtt an deem dote Beräich, da muss ee soen, dass dee Rapport vun der Cour des Comptes eigentlech en extrem positive Bericht ass. Mir sollen doriwwer frou sinn, well ech mengen, dass mir heibannen an eiser ganz grousser Majoritéit, bal an der Unanimitéit jo déi Efforten ënnerstëtzen, ausdrécklech ënnerstëtzen, déi mer maachen an der Kooperatioun, an deen dote Rapport gëtt eis och an deem Sënn recht, dass mer alleguerten zesumme probéieren, och déi Montanten héich ze halen.

Et gëtt mat deene Sue keen Unfug gemaach, zumindest, soen ech elo emol, an der Technik. Dat huet d'Cour des Comptes gepréift, an dee Bilan ass positiv, an ech fannen, dat soll ee roueg e bësse méi ervirsträchen. Dat ass net esou automatesch an evident. Dat ass eng positiv Saach, déi mer sollen erwähnen.

Dir hutt, Madame Ministesch, an Ärer Interventioun och erwähnt, dass bei eis ronn 20% vun der Aide publique iwwert d'ONGen ofgewéckelt ginn. Dat ass net ëmmer d'Meenung vu jiddwerengem dobaussen. Mir wëllen als gréng Fraktioun lech awer och doranner ënnerstëtzen. Mir ënnerstëtzen effektiv de Recours op d'ONGen, an et sinn der vill, et sinn der bal honnert, dat ass natierlech net näischt, besonnesch an der Koordinatioun. Mir ënnerstëtzen dat ausdrécklech, well mir effektiv och mengen, dass d'ONGen zum Deel aner Méiglechkeeten hunn. Si bidden och Virdeeler, déi staatlech Instanzen net kënnen hunn. Si hu Fräiheeten, déi staatlech Instanzen net kéinten hunn.

Duerfir encouragéiere mer lech dobäi, weiderhin och vill op d'ONGen ze setzen. Dat ass an eisen Aen e Wee, deen da vläicht eng Lëtzeburger Eegeenart international ass. Mir hunn domadder kee Problem.

Dir hutt och gesot, dass eis APD zu 69% iwwert de Bilateral leeft. Do sinn ech mer net esou sécher, ob een dat nëmme gutt soll fannen. Eng vun de Kritiken, déi jo weltwäit oft un den Aidepubliken formuléiert gëtt, ass eben déi, dass jiddwereen e bëssen ze vill a sengem Eck schafft, dass et eng iwwerdrifwe grouss Zuel vun Acteuren gëtt an dass d'Koordinatioun net ëmmer déi besch ass, wat natierlech och d'Moyenë verschlängt, an déi Moyenë wieren anerwärts vläicht besser ugewannt.

69% iwwert de Bilateral erkläert sech dann natierlech och duerch d'Optioun, dass mer mat Pays cibles schaffen, déi ech net wëll a Fro stellen. Déi Optioun ass scho richtig, mä ech mengen, et soll een do contrairement zu där Kritik bei den ONGen hei vläicht mat enger